Administration communale
de Reckange-sur-Mess

N°1 :: 2023

Gemengebuet

# Reckeng op der Mess

:: www.reckange.lu

RECKENG OP DER MESS :: ÉILENG :: LAMPECH :: PIISSENG :: RIEDGEN :: WICKRENG



# Impressum

**Editeur responsable:**
Administration Communale de Reckange-sur-Mess
ISSN 2418-442X

**Mise en page:**
Julien Primout

**Textes:**
Julien Primout

**Rapports des séances du conseil communal:**
Savas Koroglanoglou, Julien Primout

**Photos:**
Julien Primout, Carole Beckius, Akim Schmit, Mirko Soisson, Christian Tolksdorf

**Réalisation:**
Reka Print +
2a, Zare Ilot-Est
L-4385 Ehlerange
tél.: 48 26 36-1
www.reka.lu

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

myclimate neutral Imprimé 01-14-561533 myclimate.org

FSC www.fsc.org RECYCLÉ Papier fait à partir de matériaux recyclés FSC® C004990



D'Personal vun der Gemeng Reckeng op der Mess wënscht Iech e ganz schéint neit Joer!

*Le personnel de la commune de Reckange-sur-Mess vous souhaite une très bonne année!*



Imprimé sur du papier Circle offset recyclé

# Index


| | |
|---|---|
| 4 | Virwuert vum Här Buergermeeschter |
| 5 | Préface de Monsieur le Bourgmestre |
| 6 | Annuaire |
| 7-9 | Rapport de la séance du conseil communal du 10 novembre 2022 |
| 10-12 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 10. November 2022 |
| 13-14 | Rapport de la séance du conseil communal du 8 décembre 2022 |
| 15-16 | Rapport vun der Sëtzung vum Gemengerot vum 8. Dezember 2022 |
| 17 | Analyse d'eau potable |
| 18 | The Duke's Singers |
| 19 | D'Reckenger Jugendhaus / *La Maison des Jeunes de Reckange* |
| 20 | Mam Schéifer ënnerwee zu Reckeng op der Mess |
| 20 | Nationale Commémoratiounsdag / *Journée de la Commémoration Nationale* |
| 21 | Déi grouss Kleedersammlung / *La grande collecte de vêtements* |
| 21 | Schülerrotwalen / *Les élections du conseil des élèves* |
| 22-23 | Halloweenlaf |
| 24-25 | De Kleeschen ass komm! / *Le St. Nicolas est arrivé!* |
| 27-29 | De Reckenger Chrëschtmaart / *Le Marché de Noël de Reckange* |
| 30-31 | Tipps & Tricks fir Energie ze spueren /<br>*Nos trucs & astuces pour faire des économies d'énergie* |
| 32 | Etat civil - Mir gratuléieren! / *Félicitations!* |
| 32 | *Mérite Sportif 2022 - Appel à candidatures* |
| 33 | Save The Date - E Virgeschmaach op eis Manifestatiounen |
| ✂ 34 | *MultiKulti 2023 - Appel à candidatures* |
| 35 | SICONA - Aktioun Päiperlék |


KlimaPakt | Meng Gemeng engagéiert sech

Mat der CityApp Reckeng op der Mess
ass déi ganz Gemeng an Ärer Täsch.
*Avec la CityApp Reckange-sur-Mess,*
*toute la commune est dans votre poche!*

# Léif Matbiergerinnen a Matbierger



Mir hunn elo schonn nees e Joer hannert eis, an ech hoffen dir konnt d'Feierdeeg zesumme mat ärer Famill a Frënn nees esou genéissen ewéi dat virun der Coronazäit de Fall war.

De Réckbléck op dat lescht Joer huet sécher bei deene meeschte vun eis e batteren Nogeschmaach. Wéi mir geduecht hunn, mir wären aus der Coronakris eraus, hu mir misse feststelle wéi schnell dat Gefill vu Sécherheet a Fridden an eise Géigende kippe kann. Zanter bal engem Joer erliewe mir nees e Krich an eiser Noperschaft, mat all deem Misär deen dëst mat sech bréngt. An déi rezent Entwécklungen am noen Osten droen och net derzou bäi, hoffnungsvoll an d'Zukunft ze kucken.

Natierlech maache mir eis Gedanken ëm d'Nowierkungen, déi sou ee Krich op eis kéinten hunn. Mee mir sinn awer frou ze gesinn dass d'europäesch Noperen eng grouss Hëllefsbereetschaft mat den ukrainesche Famillje weisen.

Virun allem d'Haussë vun den Energiepräisser maachen eis grouss Suergen, a mir musse feststellen dass mir virun allem op dësem Gebitt komplett ofhängeg vun anere State sinn. A well d'Energiepräisser en direkten Impakt op d'Produktioun hunn, muss ee kee Wirtschaftsexpert si fir ze verstoen dass eng Hausse vun de Produiten a Servicer, déi mir all Dag brauchen, dovun ofhänken.

Villäicht deet et eiser Konsumgesellschaft och emol gutt ze mierken, dass d'Beem net an den Himmel wuessen. Villäicht maache mir eis och emol Gedanken iwwert aner Wäerter, déi villäicht nach méi wichteg sinn: Fräiheet, Gesondheet, Zesummenhalt a Solidaritéit sinn der just e puer déi ech wëll ernimmen.

Ech denke jidder eenzele vun eis weess u wat fir enge Schrauwen hien dréie muss fir esou gutt ewéi méiglech duerch dës Situatioun ze kommen.

Och als Gemeng musse mir eis gutt iwwerleeën, wéi mir mat eise finanzielle Moyenen ëmginn. Noutwenneg Infrastrukturaarbechte mussen trotz alle Präishaussen realiséiert ginn an e signifikant Zeréckschrauwe vun den Investitiounen am ëffentleche Secteur hätt och en negativen Impakt op eis mëttelstänneg Betriber, respektiv op eng sëllegen Aarbechtsplazen.

Eis gréisser Projeten, ewéi d'Maison Relais, d'Verleeë vum Ofwaasserkollekter, d'Deelerneierung vum Drénkwaasser- a Kanalreseau an d'Neigestaltung vum Éilenger Duerfkär kommen trotz der aktueller Situatioun gutt virun. Den nächste grousse Projet, d'Plange vun engem CIPA (Centre intégré pour personnes agées) zu Wickreng ass dee groussen Challenge fir dëst Joer.

Dofir well ech optimistesch an d'Zukunft kucken. Wa jiddereen op seng Manéier eng Hand upeekt an d'Solidaritéit ënnereneen net verluer geet, da wäert et am Laf vum Joer 2023 och nees biergop goen.

An deem Sënn wënschen ech iech am Numm vum ganze Schäffen- a Gemengerot e gesond an zefriddent neit Joer.

Carlo Muller
Buergermeeschter

# Chères citoyennes, chers citoyens

Encore une année de passée! J'espère que vous aurez pu célébrer les jours de fête en compagnie de votre famille et de vos proches, comme c'était le cas avant la pandémie.

Passer en revue l'année écoulée doit sûrement laisser un goût amer à la plupart d'entre nous. Tout juste sorti de la crise du coronavirus, nous pensions être au bout de nos peines. Mais nous avons vite dû nous rendre à l'évidence que la sécurité et la paix n'étaient pas un bien acquis dans nos contrées. Cela fait maintenant presque une année que nous sommes témoin d'une guerre, au pas de notre porte, et de toute la misère qu'elle engendre. Les récents développements au Proche-Orient ne contribuent pas à une conception optimiste de notre futur.

Naturellement, nous craignons les répercussions qu'une telle guerre pourrait avoir sur nous. Mais réjouissons-nous du fait que nos voisins européens fassent preuve d'une grande disponibilité pour venir en aide aux familles ukrainiennes.

Les hausses des prix de l'énergie nous font tout particulièrement peur et nous devons constater qu'à ce niveau-là, nous sommes complètement dépendants d'autres pays. Comme le prix de l'énergie a un impact direct sur la production, nul besoin d'être un expert en économie pour comprendre que cela aura des conséquences immédiates sur le prix des produits et services nécessaires au quotidien.

Et si cela permettait d'ouvrir les yeux à notre société de consommation? Il serait peut-être temps de comprendre que les arbres ne montent pas jusqu'au ciel. Éventuellement, nous chérirons d'autres valeurs, bien plus importantes: la liberté, la santé, la solidarité et j'en passe.

Je pense que nous connaissons tous les réglages à faire pour traverser ce moment.
En tant que commune, nous devons faire preuve de responsabilité envers nos moyens financiers. Certains travaux d'infrastructure indispensables devront être réalisés malgré la hausse des prix. Une baisse significative des investissements dans le secteur public aurait un impact négatif sur les petites et moyennes entreprises et mettraient en péril un grand nombre d'emplois.

Malgré la situation actuelle, nos projets de grande envergure, comme la maison relais, la construction du bassin de rétention d'eau, le renouvellement des canaux d'eau potable et pluviale et le réaménagement du centre du village d'Éhlange avancent correctement. Le prochain grand projet, la planification d'un CIPA (Centre intégré pour personnes âgées) à Wickrange sera le grand défi de cette année.

Permettez-moi donc d'être optimiste par rapport à l'avenir. Si chacun parvient à y mettre du sien, en préservant notre solidarité envers notre prochain, je pense que nous pourrons remonter la pente en 2023.

Dans cet esprit, et au nom du collège échevinal et du conseil communal, je souhaite à chacun une belle et sereine nouvelle année.

Carlo Muller
bourgmestre

# Annuaire

**Heures d'ouverture de l'administration communale**
Lundi à mercredi et vendredi:
8.30 à 11.30 et 14.00 à 16.30
Jeudi: 7.00 à 11.30 et 14.00 à 19.00

**Gemeng Reckeng op der Mess**
83, rue Jean-Pierre Hilger
4980 Reckange-sur-Mess
Téléphone: 37 00 24 - 1
Fax: 37 00 24 - 44
E-Mail: commune@reckange.lu

## Collège des bourgmestre et échevins

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Carlo MULLER | bourgmestre | 621 29 91 90 | camuller@pt.lu |
| | Robert LECLERC | 1er échevin | 621 18 03 21 | robert.leclerc@reckange.lu |
| | Christian TOLKSDORF | 2e échevin | 691 30 06 76 | christian.tolksdorf@reckange.lu |

## Conseil communal

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| | Dominique DA COSTA | conseiller communal | | dominique.dacosta@reckange.lu |
| | Lucien FRANCK | conseiller communal | | franckl@pt.lu |
| | Sonja HEYARD-RIES | conseiller communal | | sonja.heyard@reckange.lu |
| | Marc LUDWIG | conseiller communal | 621 41 91 26 | marc.ludwig@reckange.lu |
| | Esther SCHORTGEN | conseiller communal | | esther.schortgen@reckange.lu |
| | Nicole THORN | conseiller communal | | nicole.thorn@reckange.lu |

## Services communaux

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| Réception/Population/ | James THOMES | | 37 00 24 - 51 | james.thomes@reckange.lu |
| Facturation/ Etat civil | Fabienne DEL DEGAN | | 37 00 24 - 9 | fabienne.deldegan@reckange.lu |
| | Tim DRAUTH | | 37 00 24 - 1 | tim.drauth@reckange.lu |
| | Carole BECKIUS | | 37 00 24 - 23 | carole.beckius@reckange.lu |
| Secrétariat communal | Savas KOROGLANOGLOU | | 37 00 24 - 20 | savas.koroglanoglou@reckange.lu |
| Ressources humaines | Jenny MANNES | | 37 00 24 - 22 | jenny.mannes@reckange.lu |
| Receveur communal | Véronique GOBERT | | 37 00 24 - 30 | veronique.gobert@reckange.lu |
| Relations publiques | Julien PRIMOUT | | 37 00 24 - 26 | julien.primout@reckange.lu |
| Service technique | Serge VERMEULEN | | 37 00 24 - 48 | serge.vermeulen@reckange.lu |
| | Magali JACOB | | 37 00 24 - 40 | magali.jacob@reckange.lu |
| | Myrna MAININI | | 37 00 24 - 34 | myrna.mainini@reckange.lu |
| | Carole ALLAIS | | 37 00 24 - 42 | carole.allais@reckange.lu |
| Atelier communal | Claude BOURKEL | | 26 37 09 45 | claude.bourkel@reckange.lu |
| | | | 37 13 45 | atelier@reckange.lu |
| | | | | |
| Service d'incendie | Chef de centre | Frédéric Stringaro | 49 77 1 - 6351 | frederic.stringaro@cgdis.lu |
| | Permanence (décès) | | 621 20 93 11 | (samedi de 9.00 - 12.00) |
| | Permanence technique | | 621 37 00 24 | (24h/24h) |
| | Garde Forestier | Luca SANNIPOLI | 621 20 21 52 | |
| | Curé | Paul MULLER | 95 80 49 | |
| | Office Social Commun | Fernand HOEPPNER | 26 11 37 26 | (8.00 - 10.00) |
| | Hexemeeschter | | 26 37 05 76 | |
| | École fondamentale Kleesenberg | | 26 37 12 21 | |
| | Maison Relais | | 26 37 12 70 | |
| | Police Porte du Sud | | 244 57 1000 | |
| | Police Esch-sur-Alzette | | 244 50 1000 | |
| | Police | | 113 | |
| | Pompiers/Ambulance | | 112 | |


## Séance du conseil communal du 10 novembre 2022

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

Monsieur le bourgmestre Carlo Muller propose aux membres du conseil communal d'ajouter deux points à l'ordre du jour de cette séance, concernant l'école de musique UGDA. Ces points seront délibérés en fin de réunion.

Au nom du conseil communal, Monsieur le bourgmestre Carlo Muller se réjouit d'accueillir en sa séance publique Melinda et Margot, deux représentantes du conseil des élèves de l'école fondamentale de Reckange, accompagnées par leurs tuteurs, Madame Fabienne Dahm et Monsieur Fabien Olsem. Le conseil des élèves en a profité pour présenter son rapport de l'année écoulé et les projets réalisés. (Rendez-vous en page 21 pour plus d'informations.)

1. **Informations du collège échevinal**
   - Le 12 octobre 2022, le collège échevinal a acquis de manière gratuite un terrain situé à Wickrange. Vous trouverez plus d'informations à ce sujet au point 7 de ce rapport.
   - Le collège échevinal s'est entretenu avec une représentante de l'Initiative Liewensufank, qui a présenté leur service «Babyplus». Ce service met à disposition des sages-femmes qui accompagnent les jeunes parents au-delà des délais prévus par la loi. Première conclusion: Ce projet est exclusivement implanté dans des communes de grande envergure, bien plus grandes que Reckange-sur-Mess. Seconde conclusion: L'offre annuelle pour ce service s'élève à environ 11.000 €, indépendamment du nombre de citoyens y avant recours. Cependant, mise à part l'accompagnement dans les tâches et corvées quotidiennes, le service n'offre aucun soutien médical ni psychologique. Le collège ne voit donc pas l'intérêt de souscrire à ce type de service.
   - Dans le cadre du litige en justice, opposant la commune et l'exploitant du café au sein du Centre de Rencontre Um Buer avec le citoyen résidant à proximité du Centre et souffrant des nuisances sonores émanant de ce dernier, le collège échevinal a rencontré le citoyen en question. Les deux parties étaient accompagnés par leurs avocats respectifs. Le citoyen revendique notamment une adaptation des horaires et une réduction de la taille de la terrasse. Sans réel aboutissement, une seconde réunion, sans le citoyen en question, a été fixée au 23 novembre 2022 pour un échange d'idées afin de satisfaire les deux parties. Cependant, la décision d'aller en appel est maintenue.
   - Le collège échevinal a rencontré le Comité de Prévention Régionale du Commissariat Porte du Sud. Il était important de prévenir la police au sujet de notre action d'économies d'énergie, lors de laquelle nous éteignons l'éclairage public sur tout le territoire de Reckange-sur-Mess, de 1.00 à 5.00 heures du matin et ceci jusqu'à nouvel ordre. La police promet de veiller sur notre sécurité.




   - Le 24 octobre 2022, les clés donnant accès aux boxes de stockage dans le nouveau hall communal à Wickrange ont été distribuées aux associations locales concernées par cette initiative.
   - Un entretien avec le collège échevinal de Mondercange a eu lieu au sujet du futur Centre Intégré pour personnes âgées, qui sera implanté à Wickrange. Un certain nombre de réflexions quant à cette implantation ont été émises de leur côté.
   - Le 9 octobre 2022 a eu lieu une entrevue avec le bureau d'architecture chargé de la construction de la maison relais. La construction est sujet à un probable retard de trois mois s'ajoutant à la rentrée 2023/2024, dû à d'importants problèmes de livraison de matériel. Ce retard sera lié également à une hausse de prix des matières premières inévitable à hauteur de 20%. Il sera indispensable de voter un budget supplémentaire qui permettra de couvrir ces dépenses.
   - Le 10 octobre 2022 a eu lieu une entrevue avec un citoyen directement concerné par le droit de préemption de la commune sur trois parcelles de terrain situées à Ëhlange. Ce dernier propose que la commune fasse l'acquisition de deux terrains orientés vers le sud, par le biais d'un acte notarié et non par droit de préemption. À lui reviendrait

la parcelle nord, tout comme l'octroi d'un droit de servitude sur les deux terrains communaux précités, qui lui garantirait l'accès à un terrain adjacent, également en sa possession.

- À vos calendriers:
  - Le 24 novembre 2022 aura lieu une réunion de travail du conseil communal au sujet du budget 2023.
  - Le 8 décembre 2022 aura lieu la prochaine séance publique du conseil communal, lors duquel aura lieu la présentation, la discussion et le vote du budget rectifié 2022 et du budget 2023.
  - Le 14 janvier 2023 aura lieu la fête du personnel de la commune de Reckange-sur-Mess.
  - Le 9 février 2023 aura lieu la première séance publique du conseil communal de la nouvelle année.

**2. Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

**3. Finances communales – Décision de recourir à un emprunt**

Le conseil communal approuve à l'unanimité de recourir à un emprunt de 6.000.000 € pour les motifs suivants: Le budget extraordinaire de l'exercice 2022 prévoit des dépenses totales de 15.636.100 €, destinées à la réalisation de travaux de grande envergure, de même que des recettes au montant total de 12.348.570 €, dont l'emprunt en question envisagé, afin d'équilibrer le budget de l'exercice 2022. En date du 24 octobre 2022, le solde des comptes communaux a présenté un solde positif de 2.349.003,57 €. La durée de l'emprunt portera sur 20 ans. Des remboursements anticipés seront possibles à tout moment, sans préavis ni frais.

**4. Décision quant au recours du fonds de réserve pacte logement**

Le conseil communal approuve à l'unanimité de recourir à un montant de 300.000 € sur le fonds de réserve «pacte logement», créé au niveau de la commune de Reckange-sur-Mess, afin de l'investir dans la construction de la Maison Relais, nouveau service d'éducation et d'accueil à Reckange-sur-Mess. En effet, ces allocations sont destinées à être investies dans des projets à caractère d'infrastructure et ce fonds est actuellement doté d'un montant de 367.758,53 €.

**5. Approbation du devis relatif à la mise en état de la voirie rurale**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis établi par l'administration des services techniques de l'agriculture, couvrant les frais de travaux de reprofilage et enduisage des chemins ruraux «Rider» et «Haaschtäcker» à Reckange-sur-Mess et «Wall» à Pissange. Ce devis s'élève à un montant total de 232.500 €.

**6. Modification du règlement général de la circulation**

Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification du règlement général de la circulation. En effet, depuis son approbation en date du 21 juin 2018 et son entrée en vigueur, un certain nombre de modifications ont dû y être apportées. Cette mise à jour, effectuée en coopération avec la commission de la mobilité, concerne notamment l'installation de nouveaux panneaux de parking et d'interdiction de stationner ainsi que l'implémentation de zones limitées à 30 km/h.

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 29 septembre 2022, a **approuvé un règlement communal concernant la location et l'utilisation de la buvette mobile Zap-a Spullweenchen**. Le règlement de la sorte a été visé par Madame la Ministre de l'Intérieur le 19 octobre 2022 réf. 840x02386.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 27 octobre 2022.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 29 septembre 2022, a **approuvé le règlement-taxe pour le nettoyage du Zap-a Spullweenchen** à partir du 1er novembre 2022, décision approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur le 17 octobre 2022, référence 840x0246a/as.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 27 octobre 2022.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

**7. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'acquisition gratuite de fonds d'une contenance totale de 66 ares et 99 centiares, situés à Wickrange et appartenant à une entreprise privée, dans un but d'utilité publique en vue de la construction d'un centre intégré pour personnes âgées.

**8. Approbation d'un avenant à la convention Pacte Logement 2.0.**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention Pacte Logement, portant sur la prorogation d'un délai supplémentaire de douze mois pour la remise du programme d'action local logement (PAL). En effet, le conseil communal, en sa séance du 28 octobre 2021, a approuvé la convention initiale du Pacte Logement 2.0, qui prévoit entre autres l'élaboration de ce PAL dans un délai de 12 mois. Suite à diverses raisons d'organisations internes, le PAL n'a pas pu être finalisé durant le temps imparti.

**9. Approbation de la nouvelle convention collective de travail des salariés des communes du sud**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la nouvelle convention collective de travail des communes du sud pour la période du 1er janvier 2022 au 31 décembre 2024, signée le 19 septembre 2022 par les délégués des communes du sud et les délégués des organisations syndicales OGBL et LCGB. Les principaux changements portent sur la suppression et le reclassement de carrières, le paiement et l'adaptation de primes, de nouvelles dispositions concernant le temps de repos, des adaptations au niveau du plan d'organisation de travail et l'introduction d'une nouvelle grille de salaire.

**10. Résiliation et approbation de conventions**

a) Le conseil communal approuve à l'unanimité la résiliation anticipée d'une convention entre la commune de Reckange-sur-Mess et un particulier. Cette convention, signée le 4 octobre 2022, porte sur la location d'un terrain situé à «Buchholz», pour la durée de 3 ans avec reconduction tacite d'année en année. La commune de Reckange-sur-Mess en concertation avec le particulier concerné, a décidé de résilier la convention d'un commun accord avec effet au 31 octobre 2022.

b) Le conseil communal approuve à l'unanimité une nouvelle convention qui, suite à cette résiliation, met à disposition la parcelle concernée à un autre particulier intéressé. Le 28 octobre 2022, une convention a été signée entre les parties, fixant une limitation de durée de 3 ans pour la mise à disposition des terrains avec reconduction tacite d'année en année ainsi que le loyer annuel.

**11. Nouvelle fixation du prix de vente pour les repas sur roues**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'augmentation du prix du repas sur roues à partir du 1er janvier 2023. De ce fait, le collège échevinal propose de refixer le prix de vente à 12,01 € par repas fourni, les frais de transport étant couverts par la commune.

**12. Décision sur l'octroi de subsides extraordinaires**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'octroi de subsides extraordinaires aux associations suivantes:

a) Cycling Team Kayldall – Octroi d'un subside extraordinaire de 3.000 € pour le parrainage de l'organisation de l'Urban Nightcross à Reckange.
b) Downhill & MTB Club Reckange-sur-Mess – Octroi d'un subside extraordinaire de 2.000 € pour l'aménagement et l'entretrien de la piste de downhill à Reckange.
c) Wonschkutsch a.s.b.l. – Octroi d'un subside extraordinaire de 2.000 €, somme collectée dans le cadre du «Halloweenlaf». (Cf. pages 22 et 23)

**13. Statuts a.s.b.l. - prise de connaissance par le conseil communal**
Le conseil communal prend connaissance des statuts de l'a.s.b.l. «Dive Winns Community».

**Points supplémentaires:**

**Enseignement musical – année scolaire 2022/2023 – Organisation des cours de musique – Approbation de l'avenant à la convention**
Le conseil communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention établi le 9 novembre 2022 entre le collège échevinal et l'UGDA, avenant aux termes duquel les frais relatifs à l'organisation des cours de musique pour l'année scolaire 2022/2023 sont baissés de 203.900 € à 199.173 €.

**Enseignement musical – année scolaire 2022/2023 – Organisation des cours de musique – Modification de l'organisation scolaire**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la modification de l'organisation des cours de musique de l'année scolaire 2022/2023, telle que transmise par l'école de musique UGDA à l'administration communale. Ces modifications portent sur le nombre d'élèves inscrits aux cours.

**14. Divers (question au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment l'organisation de la fête de noël pour les seniors, l'organisation de travail des commissions consultatives en amont de leurs événements et, après les chantiers, le mauvais état de certaines rues malgré la réfection de leur couche de roulement.

# Sëtzung vum Gemengerot vum 10. November 2022

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

Den Här Buergermeeschter Carlo Muller schléit dem Gemengerot vir, zwee Punkten op d'Dagesuerdnung vun dëser Sëtzung bäizesetzen, déi d'Museksschoul UGDA betreffen. Iwwert dës Punkte gëtt zum Schluss vun der Seance deliberéiert.

Am Numm vum Gemengerot begréisst den Här Buergermeeschter Carlo Muller ganz häerzlech d'Melinda an d'Margot an dëser ëffentlecher Sëtzung, zwou Vertriederinne vum Schülerrot vun der Reckenger Schoul. Si gi begleet vun hiren zwee Tuteuren, der Madamm Fabienne Dahm an dem Här Fabien Olsem. De Schülerrot huet d'Geleeënheet ergraff fir hire Joresrapport an hir ëmgesate Projete virzestellen. (Méi Informatiounen op der Säit 21.)

1. **Informatioune vum Schäfferot**
   - Den 12. Oktober 2022 huet de Schäfferot sech en Terrain zu Wickreng gratis ugeschaaft. Méi Informatiounen zu dësem Thema fannt Dir beim Punkt 7 vun dësem Rapport.
   - De Schäfferot huet sech mat enger Vertriederin vun der Initiative Liewensufank iwwert de Service Babyplus ënnerhalen. Dëse Service stellt jonken Elteren Hiewanen zur Verfügung, déi dës iwwert déi gesetzlech virgesinnen Zäit eraus begleet. Éischte Fazit ass deen, dass dëse Service momentan just a Gemengen implantéiert ass, déi wäit méi grouss si wéi Reckeng op der Mess. Zweete Fazit: Dëse Service kascht op d'Joer 11.000 €, onofhängeg dovunner, op eis Bierger op dëse Service zeréckgräifen oder net. Dobäi kënnt dass, ofgesi vun der Begleedung an den alldeeglechen Aufgaben am Haushalt, dëse Service keng medezinesch oder psychologesch Ënnerstëtzung ubitt, am Fall wou dës néideg wier. De Schäfferot gesäit also momentan net den Interêt fir op dëse Service zeréckzegräifen.
   - Am Kader vun der Geriichtsaffär, déi d'Gemeng Reckeng op der Mess an de Wiert vum Café am Centre de Rencontre Um Buer zu Éileng mat engem Éilenger Bierger opposéiert, dee sech duerch de Kaméidi vun dësem Café belästegt fillt, huet de Schäfferot sech mam betraffene Bierger ënnerhal. Béid Parteie ware vun hire jeeweilegen Affekote begleet. De Bierger revendiquéiert ënner anerem eng Adaptatioun vun den Ëffnungszäiten an eng Verklengerung vun der Terrass. Well een op kee gemeinsamen Nenner komm ass, gëtt den 23. November 2022 eng zweet Versammlung aberuff, dës Kéier ouni de betraffene Bierger, fir en Iddisaustausch, déi béid Parteien zefridde stelle soll. D'Entscheedung an Appell ze goe gëtt weiderhi bäibehalen.
   - De Schäfferot huet sech mam Comité de Prévention Régionale vum Commissariat Porte du Sud getraff. Et war wichteg, d'Police iwwert eis Energiespuer-Aktioun z'informéieren, bei där mir d'ëffentlech Stroossebeliichtung op dem Reckenger Territoire vu moies 1.00 bis 5.00 Auer bis op Weideres ausschalten. D'Police versprécht, gutt op eis Sécherheet opzepassen.

Léif Awunner, op Recommandatioun vum Transport- , Energie- an Inneministère, an no Ofstëmmung mat de Ponts & Chaussées huet de Gemengerot vu Reckeng op der Mess a senger ëffentlecher Sëtzung vum **29. September 2022** eng **Resolutioun** gestëmmt iwwert zousätzlech Beméiunge **fir Energie ze spueren**, dëst fir der Erhéijung vun den Elektresch- a Gaspräisser entgéint ze wierken.

Eng vun dëse Moossnamen ass, bis op Weideres:

**d'Ausschalte vun**
## all de Stroosseluuchten

- ✶ tëschent **1.00** a **5.00** Auer moies
- ✶ ab der Nuecht vum **31. Oktober op den 1. November 2022**
- ✶ an der **ganzer Gemeng**

All Nuecht **4 Stonne laang** d'Luuchten ausmaachen, dat sinn

**✶7.700 kWh** Stroum **gespuert pro Mount**.

Zum Verglach: E Stot vu **4** Bierger (**2** Erwuessener & **2** Kanner) verbraucht **367 kWh** Stroum **pro Mount.**

Mir soen Iech Merci fir Äert Versteesdemech an Är Kooperatioun.

   - D'Schäfferéit vun de Gemenge Reckeng op der Mess a Monnerech hu sech getraff fir iwwert dat zukünfteg Fleegeheem zu Wickreng ze schwätzen. De Monnerecher Schäfferot huet an dësem Kader eng Rei Bedenken zum Standuert geäussert.
   - Den 9. Oktober 2022 huet de Schäfferot sech mat dem Architektebüro getraff, dee mam Bau vun der neier Maison Relais beoptraagt ass. D'Aarbechten hu viraussiichtlech eng Verspéidung vun dräi Méint, déi bei d'Rentrée 2023/2024 dobäigerechent muss ginn. Dëst läit gréisstendeels u Problemer bei der Liwwerung vun de Fënsteren. Dëse Retard wäert och mat enger onauswäichbarer Hausse vun de Réistoffpräisser vun 20% verbonne sinn. Et wäert sech net vermeide loossen en zousätzleche Budget ze stëmmen, deen dës Ausgaben decke wäert.
   - Den 10. Oktober 2022 huet eng Entrevue stattfonnt mat engem Bierger, deen direkt vun engem Virkafsrecht vun der Gemeng betraff ass, op dräi Terrainen zu Éileng. Dëse Bierger schléit vir dass d'Gemeng déi zwee südlech Terraine keeft via en Acte Notarié, ouni säi Virkafsrecht gëllen ze loos-

sen. De Bierger géing déi nërdlech Parzell iwwerschriwwe kréien, souwéi en Droit de Servitude iwwert déi zwee Gemengenterrainen, déi him Zougang zu nach aneren Terrainen niewendru ginn, déi och him gehéieren.

- Fir an d'Kalenner:
  - De 24. November 2022 fënnt eng Aarbechtssëtzung vum Gemengerot statt iwwert de Budget 2023.
  - Den 8. Dezember 2022 fënnt déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt, wärend där de Budget rectifié 2022 souwéi de Budget 2023 virgestallt, diskutéiert a gestëmmt gëtt.
  - De 14. Januar 2023 fënnt d'Personalfeier vun der Gemeng Reckeng op der Mess statt.
  - Den 9. Februar 2023 fënnt déi éischt ëffentlech Gemengerotssëtzung vum neie Joer statt.

2. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. **Gemengefinanzen - Entscheedung iwwert e Prêt**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg dass d'Gemeng e Prêt vu 6.000.000 € ageet, dëst aus follgende Grënn: Den extraordinäre Budget vum Joer 2022 gesäit Ausgabe vun insgesamt 15.636.100 € vir, déi d'Käschte vu grousse Bauaarbechten decke sollen, souwéi Recettë vun insgesamt 12.348.570 €, déi och deen envisagéierte Prêt mat abegräifen an domat de Budget vum Joer 2022 am Gläichgewiicht halen. De 24. Oktober 2022 hunn d'Gemengekonten e positive Solde vun 2.349.003,57 € virzeweisen. D'Dauer vum Emprunt beleeft sech op 20 Joer. Virzäiteg Remboursementer si jidderzäit méiglech, ouni Preavis oder zousätzlech Käschten.

4. **Entscheedung iwwert d'Zeréckgräifen op Reservefongen - Pacte Logement**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Zeréckgräifen op e Montant vun 300.000 €, dee sech am Reservefong vun der Gemeng Reckeng op der Mess hirem Pacte Logement befënnt. Dëse Montant soll zousätzlech an de Bau vun der neier Maison Relais zu Reckeng investéiert ginn. D'Allokatiounen, déi sech op dësem Reservefong befannen, sinn dofir geduecht fir an Infrastrukturprojeten z'investéieren. An dësem Fong befënnt sech momentan eng Dotatioun vun 367.758,53 €.

5. **Geneemegung vun engem Devis bezüglech der Astandsetzung vu Feldweeër**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Devis, dee vun der Verwaltung fir technesch Servicer vun der Landwirtschaft virgestallt gouf. Dësen deckt d'Astandsetzungskäschte vun de Feldweeër „Rider" an „Haaschtäcker" zu Reckeng op der Mess a „Wall" zu Piisseng a beleeft sech op e Betrag vun 232.500 €.

6. **Ännerung vum generelle Verkéiersreglement**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ännerung vum generelle Verkéiersreglement. Zënter senger Geneemegung vum 21. Juni 2018 an sengem Akraafttrieden, hunn eng gewëssen Unzuel un Ännerunge missten ënnerholl ginn. Dës Mise-à-jour, an Zesummenaarbecht mat der Mobilitéitskommissioun, betrëfft ënner anerem d'Installatioun vun neie Park- a Parkverbuetsschëlder souwéi d'Implementatioun vun verschiddene Zone 30.

7. **Geneemegung vun engem Acte Notarié iwwert eng käschtefräi Uschafung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'gratis Uschafung vun enger Parzell vu 66 Ar an 99 Zentiar, déi sech zu Wickreng befënnt an a Besëtz vun enger privater Firma ass. Am ëffentlechen Interessi wäert

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 29 septembre 2022, a **nouvellement fixé les taxes applicables en matière d'urbanisme**, décision approuvée par arrêté grand-ducal le 25 octobre 2022 et par Madame la Ministre de l'Intérieur le 7 novembre 2022, référence 840x4c322/nh.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 16 novembre 2022.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 10 novembre 2022, a **modifié le règlement-taxe sur le prix de vente pour les repas sur roues à partir du 1er janvier 2023**, décision approuvée par Madame la Ministre de l'Intérieur le 1er décembre 2022, référence 840xb4c65/as.

Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 8 décembre 2022.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Robert Leclerc, échevin**
**Christian Tolksdorf, échevin**

dësen Terrain dem Bau vun engem Fleegeheem dén-gen.

8. **Geneemegung vun engem Avenant zu der Pacte-Logement-Konventioun 2.0.**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Avenant zu der Konventioun Pacte Logement, dee sech op d'Prorogatioun vun enger zousätzlecher Frist vun 12 Méint bezitt an déi et erméiglecht wäert, de Programme d'Action Locale (PAL) ofzeschléissen an eranzereechen. De Gemengerot hat a senger ëffentlecher Sëtzung vum 28. Oktober 2021 déi ursprénglech Konventioun vum Pacte Logement geneemegt, déi ënnert anerem d'Ausschaffe vun esou engem PAL innerhalb vun 12 Méint virgesäit. Aus verschiddenen internen Organisatiounsgrënn konnt de PAL net rechtzäiteg fäerdeggestallt ginn.

9. **Geneemegung vun dem neie Kollektivvertrag fir d'Salariéen aus de Südgemengen**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg deen neie Kollektivvertrag vun de Südgemenge fir d'Zäitspan vum 1. Januar 2022 bis den 31. Dezember 2024, sou wéi se den 19. September 2022 vun de Vertrieder vun de Südgemengen a vun de Gewerkschaften OGBL an LCGB ënnerschriwwe gouf. D'Haaptännerunge betreffen d'Ofschafen an d'Reklassement vu verschiddene Carrièren, d'Ausbezuelen an d'Upassung vu Primmen, nei Dispositiounen iwwert Roupausen, d'Adaptatioune vum Aarbechtsorganisatiounsplang an d'Aféierung vun enger neier Gehältertabell.

10. **Kënnegung a Geneemegung vu Konventiounen**

a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg déi fréizäiteg Kënnegung vun enger Konventioun tëschent der Gemeng Reckeng op der Mess an enger privater Persoun. Dës Konventioun, déi de 4. Oktober 2022 ënnerschriwwe gouf, beträfft d'Locatioun vun engem Terrain op "Buchholz", fir eng Dauer vun dräi Joer mat automatescher Verlängerung vu Joer zu Joer. D'Gemeng Reckeng op der Mess ass sech mam betraffene Bierger eenzgi fir dës Konventioun gemeinsam den 31. Oktober 2022 fréizäiteg ze kënnegen.

b) Doropshi geneemegt de Gemengerot eestëmmeg eng nei Konventioun, mat där dës Parzell engem aneren interesséierte Bierger zur Verfügung gestallt gëtt. Den 28. Oktober 2022 gouf dës Konventioun tëschent béide Parteien ënnerschriwwen. Si ass op 3 Joer begrenzt, mat automatescher Verlängerung vu Joer zu Joer a fixéiert de Loyer, deen all Mount ze bezuelen ass.

11. **Nei Fixatioun vum Verkaafspräis vum Iessen op Rieder**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Erhéijung vum Verkaafspräiss vum Iessen op Rieder ab dem 1. Januar 2023. Aus dësem Gronn schléit de Schäfferot vir, de Verkaafspräiss pro Moolzecht op 12,01 € ze setzen, woubäi d'Transportkäschte vun der Gemeng gedeckt ginn.

12. **Entscheedung iwwert d'Ausbezuele vun extraordinäre Subsiden**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun extraordinäre Subsiden u follgend Veräiner:
   a) Cycling Team Kayldall – Geneemegung vun engem Subside vun 3.000 € fir de Parrainage vun der Organisatioun vum Urban Nightcross zu Reckeng.
   b) Downhill & MTB Club Reckange-sur-Mess – Geneemegung vun engem extraordinäre Subside vun 2.000 € fir den Amenagement an den Ënnerhalt vun der Reckenger Downhillspiste.
   c) Wonschkutsch a.s.b.l. – Geneemegung vun engem extraordinäre Subside vun 2.000 €. Dës Zomm gouf am Kader vum Halloweenlaf gesammelt. (Méi Informatiounen op de Säiten 22 - 23.)

13. **Statutte vun enger a.s.b.l. - Prise de Connaissance vum Gemengerot**
De Gemengerot hëlt Kenntnis vun de Statutte vun der a.s.b.l. "Dive Winns Community".

**Zousazpunkten:**

**Museksunterrecht - Schouljoer 2022/2023 - Organisatioun vun de Musekscoursen - Geneemegung vum Avenant zu der Konventioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg den Avenant zu der Konventioun vum 9. November 2022 tëschent dem Schäfferot an der Musekschoul UGDA, deen d'Organisatiounskäschte vun de Musekscoursë reegelt. Fir d'Joer 2022/2023 falen dës Käschte vun 203.900 € op 199.173 €.

**Museksunterrecht - Schouljoer 2022/2023 - Organisatioun vun de Musekscoursen - Ännerung vun der Organisatioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ännerunge vun der Organisatioun vun de Musekscoursë vum Joer 2022/2023, sou wéi si der Gemeng Reckeng op der Mess vun der Musekschoul UGDA iwwerliwwert goufen. Dës Ännerunge betreffen d'Unzuel un ageschriwwene Schüler.

14. **Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**
Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert d'Organisatioun vun enger Chrëschtfeier fir d'Senioren, d'Aarbechtsorganisatioun vun de Kommissiounen am Virfeld vun hire Manifestatiounen an iwwert de schlechten Zoustand vu verschiddene Stroossen nodeems se am Kader vun engem Chantier opgerappt goufen.

# Séance du conseil communal du 8 décembre 2022

**Présents:** Carlo Muller (bourgmestre), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (échevins), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (conseillers), Savas Koroglanoglou (secrétaire communal)

1. **Informations du collège échevinal**
   - Le 16 novembre 2022 a eu lieu une réunion entre le collège échevinal, la direction de l'école et le comité d'école au sujet de l'organisation scolaire. L'organisation alternative, proposée par les représentants des parents d'élèves, a reçu un avis défavorable de la part de Monsieur Philippe Kloos, directeur de l'enseignement fondamental de la région Sanem. En vue de l'organisation scolaire, qui aura lieu au printemps 2023, le conseil communal approuvera donc à 8 voix et une abstention le passage définitif vers le système scolaire classique à partir de la rentrée 2023/2024.
   - Dans le cadre du litige en justice, opposant la commune et l'exploitant du café au sein du Centre de Rencontre Um Buer avec le citoyen résidant à proximité du Centre et souffrant des nuisances sonores émanant de ce dernier, une seconde réunion a eu lieu, qui cette fois réunissait le collège échevinal et l'exploitant du café au sein du Centre de Rencontre. Les deux parties sont à la recherche de solutions pour apaiser le climat avec le citoyen. Le collège échevinal est maintenant en attente de propositions à formuler par l'avocat de ce dernier, suite auxquelles un rendez-vous avec les trois parties sera fixé.
   - La plateforme Maison des Jeunes, entrevue réunissant le collège échevinal, des représentants du Ministère de l'Éducation Nationale et la Croix-Rouge, a récemment eu lieu. La Maison des Jeunes rencontre toujours et encore un succès grandissant auprès des jeunes reckangeois et durant ses heures d'ouverture, elle ne désemplit pas. Considérant ce succès et afin de décharger la responsable de la Maison des Jeunes, le collège échevinal songe à engager un second éducateur à mi-temps, à ses propres frais. Affaire à suivre.
   - À vos calendriers:
     - Le 10 décembre 2022, la Maison de Jeunes de Reckange organise une diffusion publique du film «Himbeeren mit Senf» («Framboises à la Moutarde») au cinéma Kinoler à Kahler. Dans ce film figure un jeune reckangeois, faisant ses premiers pas en tant qu'acteur. Le film sera suivi d'un débat autour des relations amoureuses et du deuil durant l'adolescence, les deux sujets phares de ce film.
     - Le 8 janvier 2023 aura lieu la fête des seniors de la commune de Reckange-sur-Mess, organisée par la Commission du 3e âge.
     - Le 14 janvier 2023 aura lieu la fête du personnel de la commune de Reckange-sur-Mess.
     - Le 9 février 2023 aura lieu la première séance publique du conseil communal de la nouvelle année.

2. **Approbation du rapport de la dernière séance du conseil communal**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le rapport de la dernière séance du conseil communal.

3. **Construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées entre Reckange-sur-Mess et Pontpierre – approbation d'un devis supplémentaire**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le devis supplémentaire prévoyant des travaux et fournitures pour un montant de 1.580.000 € relatifs aux travaux de construction d'un nouveau collecteur d'eaux usées entre les localités de Reckange-sur-Mess et Pontpierre. La dépense supplémentaire, imputable au budget des exercices 2022 et 2023, couvrira notamment les travaux d'élagage le long du tracé, l'analyse du nivellement du terrain, la taxe de remboursement éco-points, le paiement de l'indemnité compensatoire dans le cadre de la constitution d'une servitude d'utilité publique, plusieurs révisions de prix, le déplacement du fonçage et diverses adaptations particulières.

4. **Approbation d'un règlement temporaire de la circulation**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le règlement temporaire de circulation portant sur toute la durée des travaux de réaménagement de la rue de la Montée à Reckange-sur-Mess, qui se déroulent du 9 janvier 2023 au 28 juillet 2023. Ce règlement prévoit les mesures nécessaires en matière de circulation, afin de garantir la sécurité des riverains et des usagers.

5. **Approbation du plan de gestion annuel de l'exercice 2023**
   Le conseil communal approuve à l'unanimité le plan de gestion annuel de l'exercice 2023, qui se caractérise par les chiffres clés suivant:

| | Investissements | | | Revenus | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 15.000 € | 2.000 € | 17.000 € | | 1.500 € | 1.500 € |
| Protection de la nature | 6.500 € | | 6.500 € | | | |
| Sensibilisation | 1.000 € | 1.000 € | 2.000 € | | | |
| Ressources cynégétiques | 2.000 € | | 2.000 € | | 2.000 € | 2.000 € |
| Surveillance et Police | | | 0 € | | | 0 € |
| Logistique et personnel | 7.750 € | 5.000 € | 12.750 € | | | |
| Grand Total: | **32.250 €** | **8.000 €** | **40.250 €** | | **3.500 €** | **3.500 €** |

**6. Décision quant à l'allocation de fin d'année pour les salariés à tâche intellectuelle du transport scolaire**

Le conseil communal approuve à l'unanimité une nouvelle délibération quant à l'allocation de fin d'année aux salariés à tâche intellectuelle du transport scolaire. En effet, le conseil communal, en sa séance du 11 février 2021, a décidé d'allouer une allocation de fin d'année aux salariés à tâche intellectuelle du transport scolaire. Cette délibération a été refusée par Madame la Ministre de l'Intérieur en date du 31 octobre 2022 pour violation au principe général de non-rétroactivité des actes administratifs, étant donné que la prise de la décision du 11 février 2021 a été fixée à une date antérieure. Cette nouvelle délibération permettra de ne pas se heurter au principe de non-rétroactivité.

**7. Décision sur l'octroi d'un subside extraordinaire à la Ligue HMC a.s.b.l.**

Le conseil communal approuve à l'unanimité d'octroyer à l'a.s.b.l. Ligue HMC un subside extraordinaire de 100 € dans le cadre de la célébration de leur 60e anniversaire.

**8. Budget rectifié de l'exercice 2022 - présentation, discussion et vote**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget rectifié de l'exercice 2022, tel qu'il a été présenté par le collège échevinal. Pour plus de détails, nous vous invitons à consulter l'édition spéciale du bulletin communal «Budget 2023». Vous le trouverez dans votre boîte aux lettres en février 2023.

**9. Budget de l'exercice 2023 - présentation, discussion et vote**

Le conseil communal approuve à l'unanimité le budget de l'exercice 2023, tel qu'il a été présenté par le collège échevinal. Ici aussi, pour plus de détails, nous vous invitons à consulter l'édition spéciale du bulletin communal «Budget 2023». Vous le trouverez dans votre boîte aux lettres en février 2023.

**10. Divers (question au collège échevinal)**

En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment le succès rencontré par le nouveau service communal «PediBus».

Mat der *Avec la*

# CityApp Reckeng op der Mess

ass déi ganz Gemeng an Ärer Täsch. *toute la commune est dans votre poche.*

## Lued se elo erof:
## *Téléchargez-là maintenant:*

# Sëtzung vum Gemengerot vum 8. Dezember 2022

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Robert Leclerc, Christian Tolksdorf (Schäffen), Dominique Da Costa, Lucien Franck, Sonja Heyard, Marc Ludwig, Esther Schortgen, Nicole Thorn (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

1. **Informatioune vum Schäfferot**
   - De 16. November 2022 huet eng Reunioun iwwert d'Schoulorganisatioun stattfonnt tëschent dem Schäfferot, der Schouldirektioun an dem Schoulcomité. Déi alternativ Organisatioun, déi vun den Elterevertrieder virgeschloe gouf, krut en defavorabelen Avis vum Här Philippe Kloos, Direkter vum Enseignement Fondamental aus der Regioun Suessem. An Hisiicht op d'Schoulorganisatioun am Fréijoer 2023 wäert de Gemengerot also mat 8 Stëmmen an enger Enthalung den definitive Passage op de klassesche Schoulsystem ab der Rentrée 2023/2024 geneemegen.
   - Am Kader vun der Geriichtsaffär, déi d'Gemeng Reckeng op der Mess an de Wiert vum Café am Centre de Rencontre Um Buer zu Éileng mat engem Éilenger Bierger opposéiert, dee sech duerch de Kaméidi vun dësem Café belästegt fillt, huet eng zweet Reunioun tëschent dem Schäfferot an dem Wiert aus dem Bistro vum Centre de Rencontre stattfonnt. Déi zwou Parteie sinn aktiv op der Sich no Léisunge fir d'Klima mam Bierger ze besänftegen. De Schäfferot waart elo op Virschléi säitens dem Bierger sengem Affekot, fir dann eng Reunioun mat den dräi Parteien anzeruffen.
   - D'Plattform Jugendhaus, eng Reunioun tëschent dem Schäfferot, Vertrieder vum Bildungsministère a vum Roude Kräiz, huet rezent stattfonnt. D'Reckenger Jugendhaus huet vill an ëmmer méi Erfolleg bei de Jugendlechen an et si permanent Jonker dobannen. Duerch dëse Succès a fir déi responsabel Educatrice z'entlaaschten, iwwerleet de Schäfferot en zweeten Educateur an enger Halleftâche anzestellen. Dëse géing vollstänneg vun der Gemeng remuneréiert ginn. Affaire à suivre.
   - Fir an d'Kalenner:
     - Den 10. Dezember 2022 organiséiert d'Reckenger Jugendhaus eng ëffentlech Ausstralung vum Film „Himbeeren mit Senf" am Kinoler zu Koler. An dësem Film spillt och e jonke Reckenger mat, dee seng éischt Schrëtt als Schauspiller mécht. Nom Film fënnt eng Diskussiounsronn iwwert romantesch Bezéiungen an Trauer an der Jugend statt, zwou vun den Haaptthematiken aus dem Film.
     - Den 8. Januar 2023 fënnt d'Seniorefeier vun der Gemeng Reckeng op der Mess statt, organiséiert vun der Drëtt-Alters-Kommissioun.
     - De 14. Januar 2023 fënnt d'Personalfeier vun der Gemeng Reckeng op der Mess statt.
     - Den 9. Februar 2023 fënnt déi éischt ëffentlech Gemengerotssëtzung vum neie Joer statt.

2. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. **Bau vun engem neien Ofwaasserkollekter tëschent Reckeng op der Mess a Steebrécken - Geneemegung vun engem zousätzlechen Devis**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Devis am Wäert vun 1.580.000 € fir zousätzlech Aarbechten a Material am Kader vum Bau vum neien Ofwaasserkollekter tëschent den Uertschafte Reckeng op der Mess a Steebrécken. Dës zousätzlech Ausgab, déi de Budgeten 2022 an 2023 ugerechent ginn, wäerten ënner anerem d'Ausäschte vun de Beem laanscht den Tracé, d'Nivellementsanalyse vum Terrain, d'Réckerstattungskäschte vun Ecopunkten, d'Ausbezuele vun enger Indemnité compensatoire am Kader vum Bau vun enger ëffentlecher Servitude, verschidde Präisrevisiounen, d'Verréckele vu Gruewungsaarbechten a divers speziell Upassungen decken.

4. **Geneemegung vun engem temporäre Verkéiersreglement**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en temporäert Verkéiersreglement fir déi ganz Dauer vun de Reamenagementsaarbechte vun der Rue de la Montée zu Reckeng op der Mess. Dës Aarbechte fannen tëschent dem 9. Januar 2023 an dem 28. Juli 2023 statt. Dëst Reglement beinhalt all d'Moossname fir d'Sécherheet vun den Awunner an den Notzer vun der Strooss ze garantéieren.

5. **Geneemegung vun engem Plan de Gestion annuel fir d'Haushaltsjoer 2023**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Plan de Gestion annuel fir d'Joer 2023, deen aus follgende Schlësselzuele besteet:

| | Investissements | | | Revenus | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | Salaires | Factures | Total | Subsides | Recettes | Total |
| Gestion durable des forêts | 15.000 € | 2.000 € | 17.000 € | | 1.500 € | 1.500 € |
| Protection de la nature | 6.500 € | | 6.500 € | | | |
| Sensibilisation | 1.000 € | 1.000 € | 2.000 € | | | |
| Ressources cynégétiques | 2.000 € | | 2.000 € | | 2.000 € | 2.000 € |
| Surveillance et Police | | | 0 € | | | 0 € |
| Logistique et personnel | 7.750 € | 5.000 € | 12.750 € | | | |
| Grand Total: | 32.250 € | 8.000 € | 40.250 € | | 3.500 € | 3.500 € |

**6. Entscheedung iwwert eng Joresennallokatioun fir d'Schoulbusbegleederinnen**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg eng nei Deliberatioun iwwert d'Joresennallokatioun fir eis Schoulbusbegleederinnen. A senger ëffentlecher Sëtzung vum 11. Februar 2021 hat de Gemengerot effektiv eng Deliberatioun fir esou eng Allokatioun geneemegt, déi den 31. Oktober 2022 allerdéngs vun der Madamm Inneministesch refuséiert gouf, well se de Principe général de non-rétroactivité des actes administratifs net anhält, andeems d'Entscheedung vum 11. Februar 2021 op e fréieren Datum fixéiert gouf. Dës nei Deliberatioun wäert et erméiglechen sech net méi un dësem Prinzip ze stoussen.

**7. Entscheedung iwwert een extraordinäre Subside fir d'Ligue HMC a.s.b.l.**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside vun 100 € fir d'Feierlechkeete vun de 60 Joer vun der Ligue HMC a.s.b.l.

**8. Budget rectifié vum Haushaltsjoer 2022 - Presentatioun, Diskussioun an Ofstëmmung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget rectifié vum Haushaltsjoer 2022, esou wéi dëse vum Schäfferot virgestallt gouf. Mir invitéieren iech, Detailer zu dësem an eisem Gemengebuet „Spezial-Editioun Budget 2023" z'entdecken. Dëse fannt dir am Februar 2023 an ärer Bréifboîte.

**9. Budget vum Haushaltsjoer 2023 - Presentatioun, Diskussioun an Ofstëmmung**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Budget vum Haushaltsjoer 2023 esou wéi dëse vum Schäfferot virgestallt gouf. Och hei invitéiere mir iech, Detailer zu dësem an eisem Gemengebuet „Spezial-Editioun Budget 2023" z'entdecken. Dëse fannt dir am Februar 2023 an ärer Bréifboîte.

**16. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert de Succès vum neie Gemengeservice „Pedi-Bus".




**KlimaPakt** EUROPEAN ENERGY AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech

den Offallkalenner 2023 ass do! En ass iwwert déi lescht Woche verdeelt ginn a pünktlech fir de Joresufank fannt Dir en an Ärer Bréifboîte. Zousätzlech Exemplarer stinn Iech an der Receptioun vun der Gemeng zur Verfügung. Op eisem Site fannt Dir och eng PDF-Versioun. Geheit en net eweg - dëse Kalenner ass e wäertvolle Partner, deen Iech dat ganzt Joer laang an ären Offalltrennungsdemarchë begleeden an an ären nohaltege Reflexer ënnerstëtze wäert. En ass voll mat Informatiounen iwwert eis Offallkollekten, de Sperrmüll an Tipps an Tricks fir den Alldag. Fir 2023 och näischt ze verpassen, hu mir eis Veräiner an d'Vitrine gestalt an och all déi Manifestatiounen am Kalenner integréiert, déi elo scho feststinn oder preparéiert ginn. Mir wënschen Iech vill Spaass beim Bliederen!

*Le calendrier des déchets 2023 est arrivé! Il a été distribué durant ces dernières semaines et vous le trouverez dans votre boîte aux lettres pile pour nouvel an. D'autres exemplaires sont disponibles à la réception de la commune. Une version PDF est disponible sur notre site. Ne le jetez pas - ce calendrier est un outil performant qui vous accompagnera tout au long de l'année dans vos démarches de tri de déchets, votre recyclage et dans vos réflexes durables et anti-gaspi! De plus, il contient toutes les informations nécessaires aux collectes de tri, à l'évacuation de déchets encombrants et des astuces pour tous les jours. Pour être certain de ne rien rater à l'année 2023, nous mettons en lumière nos associations locales et y avons inclus toutes les manifestations d'ores et déjà confirmées ou en préparation. Sous réserve de modification et d'annulation évidemment. Bon feuilletage!*




## 23.10.2022
## The Duke's Singers



An Zesummenaarbecht mat der KultuReck a.s.b.l. huet d'Gemeng Reckeng op der Mess den a capella Concert vun den Duke's Singers an der Reckenger Kierch organiséiert. Sympatesche Bonus: d'Blëtzer vum Donnerwierder, dat dobäusse stattfonnt huet, hu fir en impressionnant Luuchtespill innerhalb vun der Kierch gesuergt.

*En coopération avec la commune de Reckange-sur-Mess, l'a.s.b.l. KultuReck a organisé le concert a capella des Duke's Singers à l'Eglise de Reckange. Bonus sympathique: les éclairs de l'orage à l'extérieur ont fourni un jeu de lumière époustouflant à travers les vitraux.*




**Wat ass e Jugendhaus?**
**En Treff an Austausch fir Jonker vu 12 bis 26 Joer!**

Nieft den normalen Ëffnungszäite, wou s du laanscht komme kanns fir mat Kolleegen ze relaxen, Spiller ze spillen, Musek ze lauschteren, deng Hausaufgaben ze maachen oder de PC, d´Switch oder d´Playstation ze benotzen an nach villes méi, mécht d´Jugendhaus och reegelméisseg Aktivitéiten. De Programm vum Mount kënnt ëmmer un d´Dier hänken, läit am Jugendhaus an op eise sozialen Netzwierker. Am einfachsten ass et, wann s du einfach laanscht kënns a kucks wat et Neies gëtt. D´Aktivitéiten a Projete ginn un dech ugepasst an du kanns gären deng Iddien a Virschléi mat abréngen. Freides Owes gëtt normalerweis zesumme gekacht, wa mir net ënnerwee sinn. Fir déi aner Aktivitéiten, déi all Mount änneren, solls du dech am beschten am viraus umellen. Da kriss du och all d'Informatiounen dozou.

**La maison des jeunes - c'est quoi?**
***Un lieu de rencontre et d'échange pour les 12 à 26 ans!***

*À côté des horaires habituels, pendant lesquels tu peux passer pour te décontracter avec tes amis, jouer à des jeux de société, écouter de la musique, faire tes devoirs à domicile ou jouer au PC, à la Switch, à la Playstation ou à bien d'autres choses, la maison des jeunes te propose des activités régulières. Le programme du mois est affiché sur la porte d'entrée, est disponible dans les locaux et nous le partageons sur nos réseaux sociaux. Le plus simple, c'est de passer et de voir ce qui est prévu. Les activités et projets sont totalement adaptables à tes envies et tu es le bienvenu pour nous proposer tes idées. Les vendredis soirs, nous faisons la cuisine tous ensemble, sauf si nous sommes en vadrouille. Pour toutes les autres activités, qui changent tous les mois, contactes-nous au préalable, on te dira tout ce que tu dois savoir.*

**Dënschdes / *Mardi:*** 14.00 – 19.00
**Mëttwochs / *Mercredi:*** 14.00 – 19.00
**Donneschdes / *Jeudi:*** 14.00 – 19.00
**Freides / *Vendredi:*** 16.00 – 21.00
**Samschdes / *Samedi:*** 14.00 – 19.00




**Candice Pennerad (Responsable)**
+352 621 559 926
candice.pennerad@croix-rouge.lu

# JUGENDHAUS RECKENG
# MAISON DES JEUNES RECKANGE

croix-rouge luxembourgeoise
Menschen hëllefen

2, rue de Roedgen • L-3961 Ëhlange-sur-Mess

+352 26374647 @ jugendhaus.reckange@croix-rouge.lu

croix-rouge.lu/de/reckange



## 08.10.2022 - Mam Schéifer ënnerwee zu Reckeng op der Mess



Zesumme mam SICONA - Naturschutzsyndikat a mat der Schéiferei Weber ware mir mat 300 Schof zu Reckeng op Buchholz ënnerwee. D'Schof sinn am Fong douce Méihmaschinnen: Si kommen op Plaze wou keng Machinn hikënnt a si erhalen d'Aartevillfalt, well si beim Grasiessen d'Insekten net mat verschlëngen. Et muss ee se just beieneenhalen. Mee dat ass kee Problem fir déi zwee Hënn Loki a Flora.

*Avec le syndicat de protection de la nature SICONA et la bergerie Weber, nous avons accompagné 300 moutons du côté de Buchholz à Reckange. À vrai dire, les moutons sont de douces tondeuses: ils parviennent à des endroits inaccessibles aux machines et permettent la préservation des espèces car ils dévorent l'herbe en évitant les insectes. Ils doivent juste rester groupés. Mais ça, aucun problème pour Loki et Flora, les deux chiens de berger.*

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech







* 

## 08.10.2022 - Den Nationale Commemoratiounsdag / La Journée Nationale de la Commémoration






„Géint d'Vergiessen". Dësen Opruff erklëngt vill ze wéineg. Mee genau dëst ass d'Missioun vum Nationale Commemoratiounsdag. Zu Zäite wou extremistesch Gedanken erëm salonsfäeg gemaach ginn a wou den Opruff zur Divisioun d'Vereenegung begrueft ass et wichteg, sech de Privileeg virun An ze halen, dee mir all hunn. De Privileeg kënnen am Hei an Elo ze liewen. Ee Privileeg an eng Zäit, déi eis Reckenger Zwangsrekrutéiert Emile Gindt, Alphonse Kalmes, Emile Neiertz a Pierre Thiry net kannt hunn. Fir dës jonk Leit, déi um Schluechtfeld vum Zweete Weltkrich gestuerwe sinn, souwéi fir all déi aner Affer aus eisem Land, wäert dës Traditioun oprecht erhale ginn.

*«Contre l'oubli». Telle est la devise et la mission de cette Journée de la Commémoration Nationale: Rappeler aux citoyens de ne pas oublier. À l'heure où les pensées extrémistes gangrènent notre société, où l'appel à la division enterre celui de l'union, il est important d'insister sur le privilège que chacun de nous possède, en étant simplement en vie ce moment-même. Un privilège et une ère que nos enrôlés de force reckangeois Emile Gindt, Alphonse Kalmes, Emile Neiertz et Pierry Thiry n'auront pas connu. Pour ces jeunes gens, morts sur le champs de la bataille de Seconde Guerre Mondiale, ainsi que pour toutes les victimes de notre pays, cette tradition perdurera.*



## 15.10.2022 - Grouss Kleedersammlung fir d'HUK / *Grande collecte de vieux vêtements au profit de HUK*





An Zesummenaarbecht mat der Drëtt-Alters-Kommissioun konnten nees eng Abberzuel Këschte voll Kleeder, Accessoiren a Spillsaache gesammelt gi fir d'Kanner aus der Ukrain. Huk.lu (Hëllef fir Ukrainesch Kanner) féiert Är Donen integral an d'Ukrain. E grousse Merci och un déi Dammen, déi esou fläisseg a faarwefrou gestréckt hunn a soumat de Wanter e bëssi méi erdrobar maachen.

*En coopération avec la Commission du 3e âge, nous avons récolté vos dons en faveur de huk.lu (Hëllef fir Ukrainesch Kanner - Aide aux enfants ukrainiens), qui ont été distribué en intégralité en Ukraine. Un grand merci aussi à ces dames ayant tricoté tout un tas de vêtements d'hiver hauts en couleurs, rendant ainsi l'hiver un tout petit peu plus supportable.*

---

## 18.10.2022 - Wale fir de Schülerrot / *élections du conseil des élèves*








Eis Schoulkanner goufen opgeruff, hiren neie Schülerrot fir d'Schouljoer 2022/2023 ze bestëmmen. De Schülerrot 2021/2022, deen elo prett ass seng ganz Erfarung un den neie Conseil virunzeginn, krut innerhalb vun der Schoul vill flott Projeten ëmgesat:

- Iddis-Bréifkëscht fir de Schülerrot
- Ouschtereeërverkaf fir de gudden Zweck (912€ fir huk.lu)
- Neit Netz fir de Basketskuerf
- Paangeschverkaf um Schoulfest
- Schmierekëschten a Bidonen

*Nos élèves ont été appelé aux urnes afin d'élire leur nouveau conseil des élèves de l'année scolaire 2022/2023. Le conseil des élèves 2021/2022, fin prêt à transmettre toute son expérience au nouveaux conseil, a réalisé plein de projets sympas au sein de l'école fondamentale:*

- *Boîte à idées pour le conseil*
- *Vente caritative d'œufs de Pâques pour (912 € au profit de huk.lu)*
- *Nouveau filet pour le panier de basket*
- *Vente de crêpes durant la fête scolaire*
- *Boîtes à tartines et bidons*



22.10.2022

# Halloweenlaf














Dëst Joer huet d'Gemeng, fir all ofgeschlossenen Tour, een Euro un d'Wonschkutsch a.s.b.l. gespent. Si verwierklecht lescht Wënsch vun doudkranke Mënschen. Esou konnten 2.000 € gesammelt gi fir d'Initiative vun dësem Veräin z'ënnerstëtzen.

*Cette année, pour chaque tour clôturé, la commune reverse un Euro à l'a.s.b.l. Wonschkutsch, qui gère la réalisation de derniers voeux des malades en phase terminale. Ainsi, 2.000 € ont pu être récoltés pour soutenir les initiatives de cette association.*

Méi Infos / *plus d'infos:*
**www.wonschkutsch.lu**





Och Zombien, Hexemeeschter a bluttrünsteg Killerkrankeschwëstere musse mol Sport maachen. Dofir organiséiert d'Gemeng Reckeng op der Mess, an Zesummenaarbecht mat der Sportskommisioun, all Joer den Halloweenlaf, déi grouss Horror-Marathon-Extravaganza fir de gudden Zweck. Dëst Joer hu mir fir e bëssen Ofwiesselung gesuergt andeems mir de ganzen Event bei de Gemengenatelier verluecht hunn. D'Kanner goufe ronderëm d'Horrorbuerg, besser bekannt als Klettergerüst, gejuegt a konnten esou fir all ofgeschlosse Ronn een Euro an de Pott bäisteieren … wa si et dann zeréck un d'Zil gepackt hunn …











**Eis dräi Gewënnerteams**
***Nos trois équipes victorieuses***

*Zombies, sorciers et les infirmières tueuses en série assoiffées de sang … tous ont besoin d'un peu de sport par moment. C'est pourquoi chaque année la commune de Reckange-sur-Mess, en coopération avec la Commission des Sports, organise le Halloweenlaf, son horrible course caritative. Cette année, nous avons un peu changé d'atmosphère en déplaçant l'événement sur le parvis de l'atelier communal. Les enfants ont été chassés autour du château de l'horreur, mieux connu sous le nom de portique d'escalade, et pouvaient donc ajouter un euro à la cagnotte pour chaque tour clôturé … à condition bien sûr de parvenir à l'arrivée …*

25.11.2022

# Oh, meng gëlle Schlappen

# *Oh, mes souliers dorés*

De Kleeschen an den Houseker sinn d'Kanner an hire Klassesall iwwerrasche komm. Zesummen hu si dem Houseker bäibruecht, wéi ee richteg zielt a rechent. Guer net esou einfach, mee e krut et awer hin. Dofir huet hie seng Rutten och gehalen an en huet, zesumme mam Kleeschen, vill vill Titercher verdeelt. D'Jofferen an d'Här Lehrere kruten natierlech och eng Titchen, de Kleesche kennt si och scho ganz laang a weess, dass si sech hiert Liewe laang gutt geschéckt hunn. Dofir si si och e richteg gutt Virbild fir hir Schüler. Nëmme weider esou, mengt de Kleeschen.

*Le St. Nicolas et le Père Fouettard ont rendu visite aux élèves de l'école fondamentale de Reckange, dans leur classe. Ensemble, ils ont appris au Père Fouettard à compter et à calculer correctement. Pas si facile, mais bravo Père Fouettard! C'est pourquoi il a gardé tous ses fouets et, épaulé par le St. Nicolas, a distribué plein plein plein de sachets de friandises aux enfants. Les institutrices et les instituteurs ont évidemment aussi eu droit à leur sachet, le St. Nicolas les connaissant depuis bien longtemps et sachant qu'ils ont été gentils toute leur vie. Les élèves pourront suivre leur bon exemple.*















# De Reckenger Chrëschtmaart

26.11.2022











**Iergendwéi gëtt et en, dee Chrëschtdagszauber, nee?**

Do kann ee sou jonk a sou al si wéi ee well, dee wierkt ëmmer. Fir dës komplett covid- a barrièrefräi Chrëschtmaarteditioun, déi éischt zënter Laangem, huet d'Gemeng Reckeng op der Mess alles drugehaang, dësen Zauber wierken ze loossen.

E Réckbléck a Biller.

**Quelquepart elle existe, la magie de Noël, non?**

Peu importe notre âge, elle opère toujours. Pour cette édition du Marché de Noël, exempte de barrières et de covid, la première depuis longtemps, la commune de Reckange-sur-Mess a tout fait pour que cette magie opère.

Retour en images.


BOFFERDING




RTL













TUBAMAN

KlimaPakt | European Energy Award
Meng Gemeng engagéiert sech

# Einfach Gesten ... fir d'Gesondheet an de Portmonni



**Fir vill Haushälter ass d'Präisdeierecht en risege Challenge. Et ginn awer Léisunge fir Är Wunneng méi effizient ze hëtzen, manner Stroum ze verbrauchen an Iech méi spuersam ze deplacéieren.**

- Mat einfachen, alldeegleche Geste kënnt Dir Energie spueren an Är Heizungskäschte reduzéieren.
- Seng Elektreschkäschten iwwerwaache vermeit Verschwendungen a reduzéiert Är Rechnunge konsequent.
- D'Energieconsommatioun bei Ären Deplacementer ze reduzéiere spuert net nëmme Benzinskäschten, mee dréit och zu enger besserer Loftqualitéit bäi a schützt eis Ëmwelt.

**Also ...**



Ech entlëfte mäin Heizkierper.



Ech loosse bei der Maintenance en Heizungscheck maachen.



Ech lëften nëmme kuerz a maachen d'Heizung wärend deem aus.




Ech stellen d'Temperatur jee no Raum op 17–20 °C.



Ech benotze manner waarmt Waasser.



Ech iwwerpréiwe meng Dauerverbraucher (Frigo, Tifküler, asw).

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

# *Des gestes simples … pour la santé et le portefeuille*

***L'augmentation des coûts de l'énergie représente un défi pour de nombreux ménages. Vous pouvez cependant chauffer plus efficacement votre logement, consommer moins d'électricité et vous déplacer de manière plus économique.***

- *Mieux gérer votre consommation d'électricité, c'est éviter les gaspillages et par conséquent, réduire vos factures.*
- *Réduire votre consommation d'énergie en vous déplaçant permet non seulement d'économiser des frais de carburant, mais contribue aussi à une meilleure qualité de l'air et à la protection de l'environnement.*

**Donc …**



Je purge mon radiateur.




Je fais faire un contrôle du chauffage lors de l'entretien.



Je n'aère que brièvement et j'éteins le chauffage




Je règle la température à 17–20 °C selon la pièce.



J'utilise moins d'eau chaude.



Je contrôle la consommation de mes appareils électroménagers (réfrigérateur, congélateur, etc).

# Mir gratuléieren / *Félicitations*



**PACS / 11. November 2022**
Graciela Johaentges & Daniel Huberty




**PACS / 14. Dezember 2022**
Annick Weides & Dave Kleijnen




**PACS / 22. Dezember 2022**
Sarah Sauber & Gilles Grün

## Mérite Sportif 2022

Hommage aux meilleurs sportifs reckangeois

**Appel à candidatures**
L'administration communale met à l'honneur les sportifs méritants de notre commune: ceux qui ont, en 2022, remporté un titre de champion, qui ont gagné une coupe, qui sont montés dans une division supérieure ou sur un podium et ainsi de suite.


Si vous avez connaissance de reckangeois répondant aux critères mentionnés, ou si vous remplissez ces conditions, nous vous prions de bien vouloir nous communiquer cette information.

Les candidatures se feront en envoyant une copie des résultats obtenus **jusqu'au 4 avril 2023** à l'administration communale. La remise du mérite sportif aura lieu **le vendredi, 5 mai 2023** dans le cadre du Merlettëfest, sur le parvis devant l'atelier communal.

Commission des Sports
Reckange-sur-Mess


GECKEG MESS
DEI GROUSS
FUESPARTY
ZU GECKENG OP DER MESS
R
SAMSCHDEN
18.03.2023

*


SAVE THE DATE - 06.05.23
MESS TIVAL
CURATED BY MAZ

*


MULTIKULTI
07.05.2023
APPEL À CANDIDATURES
(VOIR AU VERSO)
Commission de l'Intégration
Reckange-sur-Mess
FÊTE CULTURELLE
ET CULINAIRE!

# MULTIKULTI
07.05.2023

Administration communale de Reckange-sur-Mess

Participez à la grande fête multiculturelle de la Commune de Reckange-sur-Mess, qui aura lieu **le dimanche, 7 mai 2022** sur le parvis de l'atelier communal de Reckange-sur-Mess à partir de 11.00 h. Afin de mettre la diversité culturelle de notre pays à l'honneur et de permettre à tous nos habitants et visiteurs de se rencontrer et de découvrir diverses spécialités (culinaires et culturelles) d'autres pays, la Commission de l'Intégration organise une grande fête multiculturelle ouverte à toutes et à tous.

**Qui peut participer et comment s'y prendre ?**
Tous les habitants intéressés à faire connaître les dégustations et/ou animations (a)typiques de leur pays ou région, que ce soit au niveau culturel ou culinaire.

Commission de l'Intégration
Reckange-sur-Mess

**Comment s'inscrire ?**
Il suffit de renvoyer la fiche d'inscription à la
Commission de l'Intégration de la Commune de Reckange-sur-Mess
C/o Myrna Mainini, secrétaire
83, rue Jean-Pierre Hilger L-4980 Reckange-sur-Mess
ou par e-mail à **inscription@reckange.lu**

Venez et participez nombreux, car tout ce qui compte c'est de passer un bon moment **tous ensemble**.

À retourner avant le 6 février 2023

## Fiche d'inscription: Reckenger MultiKulti 2023

**1) Coordonnées participants :**

Nom et prénom du responsable ____________________
Rue et N° ____________________ C.P. et localité ____________________
Tél ____________________ E-mail ____________________

**Brève description :**

____________________
____________________
____________________
____________________
____________________
____________________

Localité et date ____________________ Signature ____________________

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech

SICONA Naturschutzsyndikat

# AKTIOUN PÄIPERLEK 2023

## PAQUET GRATUIT DE VIVACES À PAPILLONS POUR VOTRE JARDIN !



Dans le cadre de l'«Aktioun Päiperlek», en coopération avec le SICONA, la commune de Reckange-sur-Mess distribue des paquets gratuits de vivaces à papillon pour votre jardin.

Vous pouvez désormais réserver votre paquet gratuit auprès de la commune:

- par téléphone: 37 00 24 - 1
- per e-mail: commune@reckange.lu

Les quantités sont limitées et les premiers arrivés seront les premiers servis. (1 paquet par ménage). Nous vous contacterons dès que les paquets seront à notre disposition, début mai 2023.

Notre désir commun est de vous procurer la joie de pouvoir contempler de jolies fleurs, une joie qui vous incitera peut-être plus tard à agrandir la plate-bande réservée à ces vivaces… afin que les papillons puissent encore trouver à l'avenir des niches écologiques leur permettant de survivre. La sélection des vivaces fut dictée par le souhait de disposer de plantes qui offrent du nectar aux papillons tout au long de la saison.

**La sélection des plantes**

Nous avons composé pour vous un paquet de six plantes vivaces représentant une intéressante source de nectar pour les papillons et les abeilles. Le paquet contient des espèces robustes, qui ne nécessitent pas de soins particuliers et fleurissent pendant de nombreuses années. Les plantes choisies doivent de préférence être plantées dans une terre de jardin intermédiaire, à la texture moyenne, qui n'est pas trop humide et exposée au soleil. L'ajout de compost est hautement conseillé lorsque le sol est argileux ou pauvre en substances nutritives.




| plante | couleur | floraison | hauteur (cm) |
|---|---|---|---|
| *Agastache* 'Linda', 'Ayala', 'Blue Fortune' – Agastache | violet | juin – oct. | 80 – 120 |
| *Rosmarinus officinalis* 'Blaulippe' – Romarin | bleu pâle | avril – juin | 50 – 100 |
| *Centaurea montana* – Bleuet des montagnes | bleu | mai – juin, août | 40 – 50 |
| *Scabiosa columbaria* 'Butterfly Blue' – Scabieuse colombaire | lila | juillet – oct. | 30 – 40 |
| *Coreopsis grandiflora* 'Christchurch' – Coréopsis à grandes fleurs | jaune | juin – sept. | 40 – 50 |
| *Aubrieta* Hybride 'Blaumeise' – Aubriète | violet foncé | avril – mai | 5 – 10 |

**La disposition des plantes**

La dimension idéale de la plate-bande est d'au moins 1 x 1 m. Les vivaces doivent être disposées selon le plan ci-dessus, les vivaces de taille haute étant plantées à l'arrière. Bon amusement avec votre petit jardin à papillons !

Administration communale
de Reckange-sur-Mess